

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 5155 vun der honorabler Deputéiert Madamm Myriam Cecchetti schreift den Här Minister ënner anerem dat hei: "*Le Ministre a également proposé d'évaluer le fonctionnement du système de stockage de gaz naturel en Europe ainsi que la stratégie d'achat de gaz à long terme par les fournisseurs sur le marché européen*".


An deem Zesammenhang géife mir dem Här Minister gär dës Froe stellen:

- 1) Iwwer wéi héich Äerdgasreserve verfüügt Lëtzebuerg aktuell? Plangt d'Regierung eng zäitno Erhéijung vun dëse Reserven?
- 2) Waer Lëtzebuerg bereed, am Kader vun engem europäeschen Effort, Aerdgas op eisem nationalen Territoire ze stockéieren? Wéi eng aner méiglech Modalitéite vun enger Lëtzebuerger Participatioun gesäit den Här Minister nach bei engem "système de stockage de gaz naturel en Europe", wéi hien e proposéiert huet?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Fred Keup
Deputéierten

Äntwert vum Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n°5342 vum 3. Dezember 2021 vun den éirewäerten Deputéierten Fernand Kartheiser a Fred Keup iwwert Gasreserven

- 1) Iwwer wéi héich Äerdgasreserve verfüügt Lëtzebuerg aktuell? Plangt d'Regierung eng zäitno Erhéijung vun dëse Reserven?**
- 2) Wäer Lëtzebuerg bereed, am Kader vun engem europäeschen Effort, Äerdgas op eisem nationalen Territoire ze stockéieren? Wéi eng aner méiglech Modalitéite vun enger Lëtzebuerger Participatioun gesäit den Här Minister nach bei engem "système de stockage de gaz naturel en Europe", wéi hien e proposéiert huet?**

Fir Äerdgas a grouse Quantitéiten ze späichere gëtt allgemeng op ënnerirdesch Reservoirern zréckgegraff, déi duerch entspreichend geologesche Strukturen (Salzkavernen, gasdicht ofgeschlossene porös Sandschichten, ausgedéngten Äerdgasfelder,...) duergestallt sinn. Well déi geologesche Voraussetzungen zu Lëtzebuerg net gi sinn, ass et net méiglech um nationalen Territoire vun esou ënnerirdesche Reservoirern ze profitéieren an Äerdgas a gréissere Quantitéite lokal ze stockéieren.

An der Reunion vun den EU-Energieministernen, de 26. Oktober 2021 zu Lëtzebuerg, hunn ech d'Europäesch Kommissioun an déi Länner, déi Gasspäicher op hirem Territoire hunn, opgefuerdert déi aktuell Strategien a Bezuch op obligatoresch Gasreserven, grenziwwerschreidend Accessibilitéit vun den Äerdgasstocken, an e gemeinsamen Äerdgasakaf dréngend z'iwwerdenken, fir datt Europa de nächste Wanter net erëm an déi selwecht Versuergungssituatioun geréit, an een net riskéiert, datt d'Gasspäicheren um Ufank vum nächste Wanter nach emol net komplett gefëllt sinn.

Lëtzebuerg, den 11. Januar 2022
(s.) Claude Turmes
De Ministere de l'Énergie